



Moduller biologesch Landwirtschaft, déi sinn also schonn do. Do kéint ee soen « à renforcer ».

An dee leschte Punkt « à introduire un minimum obligatoire de produits bio dans le secteur de la restauration collective », och dat geet eis net duer. Do hu mer u sech zwou Remarken. Mir hätte gäre regional bio an awer och regional nohalteg. An duerfir wäerte mer eis, wann Der do keng Annerunge maacht, enthalen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Dann den Här David Wagner, wannechgelift.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Jo, Merci, Här President. Jo, déi Motioun vun der Majoritéit ass och ganz sympathesch an och ganz léif. Am Fong geholl, wann ech dat richtig liesen, gi jo Saachen an der Motioun gefuerdert, déi d'Regierung souwisou géif maachen. An deem Sënn ass se u sech superfetatoire. An d'Majoritéit misst an där Logik, déi si jo ëmmer benotzt, wann d'Oppositioun esou eppes deposéiert, se ofleenen, well et gëtt souwisou vun der Regierung gemaach.

Mir ënnerstëtzen awer ëmmer superfetatoire Motiounen, ...

(Hilarité)

... wa se awer trotzdeem an déi richtig Richtung géife goen.

Déi heiten ass ganz léif. Den Ufank, iwwert den éischte Considerant kéint een e bëssen diskutieren, well et erëm iwwert déi drëtt industriell Revolutioun geet. Mä mir wäerte se trotzdeem matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- An dann hat nach den Här Goergen d'Wuert gefrot.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Meng Iwwerleeung war och e bëssen an déiselwecht Richtung. An dofir wollt ech den Här Minister oder d'Madamm Burton froen, fir de Leit eng Kéier dobaussen ze erklären, wat vun deene Punkten elo nach net am Koalitionsaccord stoung, fir dass d'Leit dobaussen awer eng Kéier déi Visibilitéit kréien. Well mir wësse jo, wann et schonn am Koalitionsaccord stoung, da stëmmt een et hei net. Deementspreechend géif ech da jo och mengen, wéi den Här Berger et ëmmer esou schéi seet, dann ass et iwwerflësseg an ...

(Brouhaha)

Ech hätt et zwar gär matgestëmmt, mä gitt mer e puer Argumenter, wat nach net am Koalitionsaccord steet!

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech mengen, et ass elo alles gesot a mir kënnen zum Vott kommen.

(Hilarité)

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Dat wäert d'Leit dobausse freeën!

**Vote sur la motion 3**

► **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun 3 ass bei 35 Jo-Stëmmen, 1 Nee-Stëmm a 24 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini (par Mme Djuna Bernard) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A voté non : M. Michel Wolter.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert) et Claude Wiseler ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir kënnen dann elo zur Motioun Nummer 4 kommen, déi iwwert de Wäibau, déi vun der Madamm Modert deposéiert ginn ass.

De Wäibauminister Romain Schneider huet d'Wuert.

**Motion 4**

► **M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- Merci, Här President. Här President, ech weess, dës Motioun, déi war ewell eng Kéier an der Chamber hei. Ech mengen, deemools war se gestëmmt ginn, souwäit ech dat gutt an Erënnung hunn. Ech géif proposéieren, et kann een dës Motioun stëmmen, allerdéngs gesinn ech se méi breet opgestallt. Mir hunn am Regierungsprogramm eppes, wou mer amgaange sinn och ëmzesetzen, dee sougenannte Prinzip vum Matchmaker, wou eigentlech soll dee ganze Volet dra vum Konsument, Produzent méi nobrëngen, mat och der Filière Handel derbäi. An an deem dote Kontext kann ech mer virstellen, datt een och déi Iddi hei vun der Maison du vin an der Stad kéint mat abannen.

(Interruption par Mme Octavie Modert)

Wann et esou verstanen ass, da kéint ech soen, datt mer déi kéinte matdroen.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

(Interruptions)

**Vote sur la motion 4**

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Kënnen mer dann déi Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Wien ass derfir?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass d'Motioun 4 eestëmmeg ugehall.

An da komme mer zur Motioun Nummer 5, déi vun de Piraten, vum Här Goergen deposéiert ginn ass. Den Här Goergen freet nach d'Wuert.

**Motion 5**

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Zu menger Motioun erzielen ech lech e klengt Eriefnis, dat dës Motioun genau beschreift.

Ech erënnere mech, virun net allze laanger Zäit gouf et e grousst Plakat mat zwee Jippelcher, ënnert deene geschriwwen stoung „Déiereschutz ouni Grenzen“. Leschte Weekend war ech op der Déifferdenger Braderie, do hunn ech déi zwee Jippelcher gesinn. Verkaaft fir zéng Euro d'Stéck!

► **Une voix.**- ... ouni Grenzen?

(Hilarité)

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Neen, se waren nach ëmmer kleng.

Bei iwwer 35 °, et war iwwer 35 ° hei ënner fräiem Himmel, lieweg Déiere gouden do verkaaft. Ma déi Jippelcher a vill aner Déieren hu leschte Weekend gelidden, an dat hunn ech a jiddwereen, deen do war, materlieft zu Déifferdeng.

Passanten hu Waasser kaaft an den Déieren dëst an hir kleng Käfeger an eidel Gedrénschuele geschott.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- De Verkeefer gouf och vu Leit drop ugeschwat. Mä hie war weineng asiichteg.

Et ass net den éischte Fall, dass Déieren op éffentleche Plazen ausgestallt ginn. An engem Land, wou déi gréng zënter siwe Joer an der Regierung sinn, an engem Gemeng, wou déi gréng de Buergermeeschter stellen, ...

► **Une voix.**- Aah!

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- ... do denken ech mir: Seriö war et wuel net gemengt vun de Gréng mam Déiereschutz!

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Well d'Realitéit um Terrain gesäit anescht aus wéi d'Plakater mat den zwee Jippelcher.

Fir d'Piraten solle guer keng lieweg Déieren op Braderie verkaaft ginn. Dat wär anstänneg gemengten Déiereschutz!

► **Une voix.**- Voilà!

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Mat dëser Motioun froe mir d'Chamber ofstëmmen, fir d'Regierung opzefuerderen, den Déiereschutz eescht ze huelen. Et geet drëm, en effikasse Suivi vum Déiereschutz zu Lëtzebuerg ze maachen, Mëttele fir d'Kontroll am Déiereschutz ze erhéien an de Verkauf vu liewegen Déieren op Braderien ze verbidden.

Loosst eis endlech d'Déiere schützen! Hiert Liewen ass méi wäert wéi nëmmen e Wahlmotiv op Plakater.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Goergen. Ass nach eng Wuertmeldung do zu där Motioun?

De Landwirtschaftsminister huet d'Wuert.

► **M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- Bon, ech mengen, Här President, den Déiereschutz ass eppes, dat eis alleguerten nolläit. An dofir huet och d'Chamber an der leschter Sessioun, ech mengen, eent vun deene beschten Déiereschutzgesetzter gestëmmt, déi et gëtt. Dorun hale mer eis och an dorun hält sech och selbstverständlech mä Ministère respektiv d'Veterinärspektioun bei de Kontrollen. A wa mer do déi Donnéeë musse kucken, déi fënnt een dann natierlech och, wéi hei gefrot, am Rapport erëm, esou wäit mer se duerchzéien an esou wäit se och gemaach ginn. An all déi Infraktiounen gi selbstverständlech och weider, esou wéi dat virgesinn ass an deenen eenzelnen Instanzen.

Dofir mengen ech, datt mer déi heite Motioun net mussen unhuelen, well mer en Déiereschutzgesetz hunn, dat effektiv flächendeckend alles ofdeckt.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. Den Här Goergen nach eemol.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Dat heescht, Dir fannt, dass den Déiereschutz ofdeckt, dass een op de Braderien net soll verkaufen? Oder gesitt Der dat net als Déiereschutz, dass do verkaaft gëtt?

► **M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- Ech mengen, et geet jo net drëm, wou se verkaaft ginn, et geet drëm, wéi d'Déieren effektiv exposéiert sinn, ob se genuch ze drénken hunn, ob se geschützt si viru Sonn et cetera. Also d'Konditiounen dovun mussen erfëllt sinn. Dann ass am Prinzip d'Plaz egal, wou se gehale ginn, dann ass et konform zu dem Déiereschutzgesetz.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Et gëtt keng weider Wuertmeldung. Dach, d'Madamm Hansen!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech wollt just soen, datt ech deen drëtte Punkt beim Considerant e bësse speziell fannen, well do soe mer, datt mer eis net un d'Gesetz halen. Dat fannen ech e bësse speziell. Datt mer Rapporte maachen, datt mer der Veterinärspektioun méi Moyene ginn, ech denken, datt dat och sënnvoll wär. An dofir wäerte mer eis hei enthalen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech mengen, elo kënnen mer zum Vott komme vun der Motioun Nummer 5.

**Vote sur la motion 5**

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun 5 ass bei 8 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles

Margue et Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché).

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter.

D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss.

## 4. 7312 - Projet de loi portant approbation du Protocole pour éliminer le commerce illicite des produits du tabac, fait à Séoul, le 12 novembre 2012

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 7312, ee Protokoll iwwert den illegalen Handel mat Tubakwueren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif dann d'Wuert direkt ginn un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorablen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Santé et des Sports**

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kollegen, mam Projet de loi 7312 iwwerhuele mer de Protokoll fir d'Bekämpfung vum Schmuggel, der Fälschung, vun illegalem Handel a Produktioun vun Tubaksprodukter, déi méi wéi 10 % vum Welthandel duerstellen.

Dee Protokoll gouf no fënnfjärege Verhandlung viru siwe Joer zu Seoul vun 170 Länner ënnerschriften. Et ass eng Ergänzung vun der OMS-Konventioun géint den Tubak, déi mir 2005 zu Lëtzebuerg ëmgusat hunn.

De Protokoll, dee mer haut ëmsetzen, enthält konkret an obligatoresch, zum Deel technesch Mesuren, fir géint den illegalen Handel mat Tubaksprodukter virzegoen, deen ënnert de Begrëff „organiséiert Kriminalitéit“ fält.

De Projet, deen eng logesch Suite vun eisen Tubaksgesetzter vun 2006, 2013, 2017 ass, gouf den 30. Mee 2018 deponéiert an d'Avise vum Conseil d'État, dem Collège médical an der Chambre de Commerce ware positiv respektiv hu keng Bemierkungen zum Projet gemaach.

Allgemeng hielecht den illegalen Handel mam Tubak d'Moosnamen aus, déi vun de Länner geholl goufen, fir den Tubakskonsum ze reduzéieren. Dat géllt virun allem a Länner, déi eng Héichpräispolitik praktizéieren, do, wou den Tubak deier ass. Fälschung sinn an der Regel nach méi schiedlech, wéi den Tubak souwisou ass, well se net kontrolléiert sinn a Schuedstoffer enthalen, déi bei den Originalprodukter, wann trotzdeem gesondheetschiedlech, mä am mindere Mooss dra sinn.

Och wa bei eis am Land mat niddregen Tubakspräisser, soulaang wéi dat de Fall ass, den illegalen Handel éischter marginal ass, mir also kaum en Zilland fir de Schmuggel sinn, esou ass Lëtzebuerg dach als Transitland an als Quell, wou ee bëlleeg Produkter kafe kann, fir se an Direktioun vun anere Länner ze schmuggele, op der Kaart vun de Schmuggler.

Ganz rezent huet jo d'Douane am Transit eng ganz grouss Quantitéit vun Zigarette saiséiert, déi a Bakiewe verstoppt waren a fir de brittesche Maart geduecht waren. Et gëtt zwar ëmmer erëm ënnerstrach, dass de legale grenziwwerschreidenden Handel net beträff wier, dass dat also net ënnert d'Gesetz fält, mä et soll een net ofstreiden, dass den Iwwergang vun deem engen zum anere fléissend ka sinn. Et kënnt op d'Quantitéiten un, déi een iwwert d'Grenz schaaft, an och de Firwat dass een dat mécht. Wann et fir den eegene Gebrauch ass, da gesäit dat e bëssen anescht aus, wéi wann een dat mat der grousser Schëpp oder mam grousser Camion mécht an op eng Rei vu Statiounen geet, fir esou vill wéi méiglech eriwuerzeschaffen. Och wann do Kontrolle

## Le saviez-vous ?

### AMENDEMENT

Un amendement est une proposition qui émane soit du Gouvernement soit d'un député et qui vise à modifier un projet de loi ou une proposition de loi lors de son examen en commission ou en séance plénière.





sinn, kann net alles kontrolléiert ginn, wat iwwert d'Grenz geet.

De Protokoll schaaft elo d'Grundlag fir déi international Aktioun géint den illegalen Tabakshandel. Konkret geet et drëm, dass d'Staten e System fir de Suivi fir d'Traçabilitéit vun den Tabaksprodukter erméiglechen. Dee System steet ënnert der Kontroll vun de Staaten an net vun der Tabaksindustrie. Iwwert d'Co-déierung kann de Wee vum Tabak vun der Produktioun bis bei den Endverkeef verfollegt ginn. Eng Vignett soll d'Authentizitéit vun de Produkter zertifizéieren.

De Protokoll gesäit eng Lizenz fir de Produzent vir, soll d'Kontrollen an d'Strofe verschärfen. Déi Ziler vun deem Protokoll iwwerschneide sech gréisstendeels mat deene vun der Direktiv 2014/40 vun der Union européenne, wou et och drëms geet, d'Bestëmmungen an de verschiddene Memberstaaten iwwert d'Fabrikatioun, d'Presentatioun an de Verkaf vun Tabaksproduite méi no beieneen ze bréngen.

Dës Direktiv gesäit vir, dass d'Memberstate bis den 20. Mee 2019 e System op d'Bee stellen, fir d'Identifikatioun an d'Traçabilitéit vun den Tabaksprodukten ze erlaben. De Protokoll grad ewéi d'Direktiv hält domat all Tabaksproduzenten an d'Verantwortung. De Lëtzebuerger Produzent huet zirka 12 Milliounen Euro, fir der Ëmsetzung vun deenen neien Ufuerderunge vun der Direktiv an de Konditiounen um Protokoll gerecht ze ginn, investéiert. Derbäi kommen nach déi järelech Verplichtungen, fir de System um Lafenden ze halen. Souwäit ech mech konnt informéieren, ass de Lëtzebuerger Produzent och absolutt prett, fir termingerecht dat Ganzt ëmzesetzen.

Zum Schluss wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, dass den Tabak dee gréisste vermeidbare Gesondheitsrisiko duerstellt an dass den Asaz géint den Tabak an och d'Bekämpfung vum illegalen Handel am Interessé vun der ëffentlecher Gesondheet sinn.

De Protokoll stellt e wichtegen a richtege Schratt duer, och wann déi ganz grouss Produzente sech e puer Schlupflächer ophale konnten a selwer net selten en okkulten Deel vum illegalen Handel duerstellen.

Dat gesot, gouf de Rapport, deen ech elo virgedroen hunn, eestëmmeg vun der Gesondheitskommissioun ugeholl. An ofschléissend bleift mir nach just den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Projet ze ginn, wou ech lech och invitéieren, mat engem positive Vott drop ze reagéieren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Di Bartolomeo. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Georges Mischo agedroen. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **M. Georges Mischo (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke soen ech dem Rapporteur Mars Di Bartolomeo Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Iwwerall op dëser Welt ginn, vollkommen zu Recht, vill Campagnë geféiert géint den Tabak a fir Leit dovun ze iwwerzeegen, net ze fëmmen. Den illicitte Commerce mat Tabaksproduite contrecarriert awer all dës Efforten. An dofir ass et wichteg, dass op internationalem Niveau alles ënnerholl gëtt, fir dergéint virzegoen. Och wa mir leider dovun mussen ausgoen, dass mer dës Kriminalitéit - well och dat, muss ee soen, ass e richteg kriminell Geschäft, wou extrem vill Sue gedréit ginn - ni wäerte ganz eliminéiert kréien.

Duerch dësen illicitte Commerce gi jo och an éischter Linn Präishaussen, déi och mam Zil gemaach ginn, fir déi Jonk iwwerhaapt dovun ofzehalen, Zigaretten ze kafen, direkt emol contrecarriert.

Dofir ass et wichteg, dass mir dës Protokoll aus dem Joer 2012 unhuelen an domat op internationalem Plang all Schrëtt ënnerstëtzen, fir déi ganz Chaîne vum illicitte Commerce mat Tabaksprodukten ze duerchbriechen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Mischo. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Gusty Graas ageschriwwen. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Problem vu Fälschungen an den illegale Wueren ass natierlech eppes, wat eis ëmmer méi beschäftegt, net nëmmen um Niveau elo vun deem Produit, iwwert dat mer haut diskutéieren, och um Niveau vun den Aueren, vun de Kleeder, vun de

Poschen an esou weider. Doduerch entsteet natierlech och der Ekonomie vill Schued, awer och eenzelne Persounen emol.

Déi Situatioun ass natierlech nach vill méi grav, wann et sech ëm e Produit handelt wéi deene heiten, wou och direkt d'Gesondheet am Spill ass. Ech mengen, och Droge sinn do e bescht Beispill. Mä d'Zigaretten, déi illegal gehandelt ginn, stellen natierlech och e wesentleche Facteur fir d'Gesondheet duer, dass déi mat Sécherheet doduerch net verbessert gëtt.

Ech wëll drun erënneren, dass zum Beispill am Joer 2016 4,6 Milliarden Zigaretten illegal um Niveau vun der EU verkaaft goufen. Et weess een natierlech, dass dat hei e ganz interessanten a lukrative Marché fir eenzel Leit ass. Duerfir muss en och bekämpft ginn. Mir sinn hei zu Lëtzebuerg an der nach glécklecher Situatioun vläicht, dass mer net esou direkt vun där Problematik betraff sinn, ausser wéi gesot als Transitland.

De Rapporteur, den honorabele Mars Di Bartolomeo, deem ech felicitéiere fir säi gudde schrëftlechen a virun allem säin exzellente mëndleche Rapport, huet hei duerchblécke gelooss, dass mer virun allem doduerch verschount ginn, well d'Präisser relativ niddreg hei zu Lëtzebuerg sinn.

Ech wëll awer ganz kloer hei soen: Dat därer awer natierlech keng Ursaach sinn, fir gegebenenfalls vläicht eng Kéier mam Präis an d'Luucht ze goen.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Ganz richtig! Dat hutt Der ganz richtig verstanen!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Da sinn ech frou, dass ech lech richtig verstanen hunn.

Dat Gesetz hei, dat verfollegt jo u sech zwee Ziler: engersäits wéi gesot d'Bekämpfung vum Zigaretteschmuggel, mä op där anerer Säit jo awer och d'Bekämpfung vu Wueren, déi zur Verschlechterung vun der Gesondheet bäidroen. Ech mengen, och deen Aspekt soll hei nach eng Kéier ënnerstrach ginn. Et därer ee jo net vergiessen, dass iwwert de Wee vum Internet haut natierlech den Akaf immens vereinfacht ginn ass vu ganz ville Wueren. Duerfir ass et och wichtig, dass um internationalen Niveau eng Rei juristesche Mesurë geholl ginn, dass dat awer ageschränkt ka ginn an och iwwerkuckbar ass.

Et geet natierlech net nëmmen duer, dass mer e legislative Kader schafen. Mir mussen och natierlech Kontrollen hunn. Ech denken do erëm spezifesch un de Findel. Mä eng Rei Resultater hu jo gewisen, dass mer awer do gutt opgestallt sinn.

Ech wëll dann awer vläicht zum Schluss nach eng Kéier och drop hiweisen, wat dee gesondheetlechen Aspekt ugeet. A mir hu jo do awer eng Rei legislativ Moosnamen am Laf vun deene leschte Joréngten hei zu Lëtzebuerg geholl. Besonnesch wëll ech nach eng Kéier op d'Modifikatioun vum Fëmmgesetz vum leschte Joer hiweisen.

A vläicht erlaabt mer dat och dann, dem Här Minister kuerz awer eng Fro an deem Sënn ze stellen. Mir hunn näamlech d'lescht Joer jo d'Decisioun geholl, dass d'Fëmmen op Sportteraine verbueden ass, wann do Sport vu Kanner ënner 16 Joer bedriwwen gëtt. Mir hunn och eng Decisioun geholl, dass net méi därer an engem Auto gefëmmt ginn, wann e Kand drasëtzt, wat nach keng zielef Joer huet. An dann hu mer virun allem awer och d'Decisioun geholl, dass op ëffentleche Spillplazen net méi därer gefëmmt ginn.

Ech weess, bei deenen Diskussiounen kouw ëmmer erëm op: Ma wéi kënne mer dat kontrolléieren? Ass entre-temps scho vläicht erkennbar, ob dat Gesetz do oder déi Modifikatioun vun deem Gesetz, ob dat och scho gräifbar dobaussen ass? Et wier jo interessant, dass ze wëssen, well da kéint ee sech jo emol Iwwerleeunge stellen, awéifern op anere Plazen et gegebenenfalls ubruecht wär, d'Fëmmen och net onbedéngt ze verbidden, mä zumindest anzëschränken. Well ech géif soen, dass ech näischt Neies soen, wann ech elo behaupten, dass Fëmmen net onbedéngt zur Verbesserung vun engem senger Gesondheet bäidréit.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Graas. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Hansen (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vu mir aus Merci un den Här Di Bartolomeo fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Den illegale grenziwwerschreidenden Handel mat Tabaksprodukten hat 2016 an der EU e geschatene Volume vun 48,3 Milliarden Zigaretten, wat ongeféier dem ganze legalen Zigarettemarché a Frankräich entsprécht. Déi orga-

niséiert Kriminalitéit verdéngt enorm um illegalen Tabaksmaart. D'Produktioun vun engem Pak Zigarette kascht eng 25 Cent, de Verkaufspräis op der Strooss läit bei 3 Euro oder méi.

D'Gewënnmargé si vill méi héich wéi zum Beispill am Mënschenhandel oder an der Prostitutioun, awer mat vill manner Risiko verbonnen. Den illegalen Tabaksmaart auszedrechnen, ass also e Wee, fir deene Verbriecherbanden eng vun hire Finanzquellen ofzeschneiden. Anerersäits stellt den illegalen Tabaksmaart awer och e gravéierende Problem fir d'Santé publique duer. Illegal Tabaksprodukte ginn zu manner héije Präisser ugebuede wéi déi legal, wat d'Fëmmen erëm méi attraktiv mécht, virun allem fir déi Jonk. An doduerch ginn d'Ustrengeungen zur Reduzéierung vum Tabakskonsum ënnergruween.

En anere Problem mat gefälschter Wuer ass deen, dass d'Schuedstoff d'Norme kënnen ëm ee Villfaches iwwerschreiden oder carrement nach aner verbuede Substanze mat verschafft ginn, déi domat eng zousätzlech Gesondheitsgefor fir de Verbraucher sinn.

Well d'Hierstellung an d'Distributioun vun dëse geschmuggelten Tabakswuere sech haaptsächlech an engem Kader vu weltwäiter Kriminalitéit bewegen, kann een de Problem net mat nationale Moosname bekämpfen, mä et brauch een duerfir eng international Zesummenaarbecht.

De Protokoll zur Ënnerbannung vum illegalen Handel mat Tabakswueren, dee mir mat dësem Projet de loi approuvéieren, huet d'Zil, dës Zesummenaarbecht ze verbesseren.

De Protokoll ziilt op eng effizient Iwwerwachung vun der gesamter Liwwerketten hin, wou e weltwäite Sécherheits-, Identifikatiounsan Traçabilitéitssystem soll opgebaut ginn, deen onofhängeg vun der Tabaksindustrie muss fonctionnéieren, esou wéi dat och an der Direktiv 2014/40/UE fir d'Europäesche Unione virgesinn ass an déi zu Lëtzebuerg den 13. Juni 2017 an nationaalt Recht ëmgesat ginn ass. Dës Sécherheits- an Traçabilitéitssystem ass zu Lëtzebuerg zanter dem 20. Mee 2019 operationell.

Ausserdeem huet de Protokoll d'Zil, d'technesch an d'juristisch Zesummenaarbecht op internationalem Plang ze verbesseren. Domat ass e gemeinsamen Usaz géint de grenziwwerschreidenden illegalen Handel mat Tabakswuere garantéiert, esou wéi dat am Artikel 15 vun der Ramenübereinkunft vum 21. Mee 2003 vun der WHO zur Andämmung vun Tabak gefuerdert gëtt.

Dës Projet de loi ass also e wichtegt zousätzlech Element, fir d'Unzuel vu Leit, déi wéinst der Consumatioun vun Tabaksprodukten krank ginn oder stierwen, ze reduzéieren.

Wéi ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg? Sou wéi dat am Communiqué de presse vum 31. Mee 2019 vun der Regierung zu der Journée mondiale sans tabac steet, ass den Tabak och 2019 nach ëmmer weltwäit déi éischt Doudesursaach, déi kéint evitéiert ginn.

Zu Lëtzebuerg stierwen nach ëmmer dausend Persounen pro Joer duerch Krankheeten, déi mam Tabak zesummenhängen. Eng Persoun vu fënnf zu Lëtzebuerg fëmmt, a virun allem d'Alterskategorie vu 16 bis 35 Joer ass betraff. Beonroegend ass och, dass de Prozentsaz vun de jonke Fraen, déi ufänke mat fëmmen, klëmmt.

Am Protokoll zur Ënnerbannung vum illegalen Handel mat Tabakswuere steet, dass ee Moyer, fir géint den Tabagisme unzënkämpfen, eng Erhéijung vum Präis vun den Tabaksprodukten ass. Dës ass noweislech déi effikaste Method, fir d'Consumatioun vun Tabaksprodukten ze reduzéieren, besonnesch bei deene Jonken.

Bei enger Erhéijung vum Präis klëmmt awer de Risiko, dass geschmuggelt a gefälscht Tabaksprodukte bei eis op de Maart kommen. Bis elo huet de vergläichbar niddrege Präis vun Tabaksprodukten par rapport zum Ausland déi illegal Tabaksprodukte gréisstendeels ewechgehale.

Duerch den Traçabilitéits- a Sécherheitssystem vun den Tabakswuere kann een duerch besser Kontrollen evitéieren, dass no enger Präiserhéijung illegal Produkten de Marché iwwerschwemmen. Sollt sech erausstellen, dass d'Objektiver vum Plan national de lutte antitabac net konnten erreicht ginn, musse mer eis awer och Gedanke maachen, ob am Sënn vun der Santé publique zu Lëtzebuerg et net sënnavoll wär, och d'Akzisen um Tabak ze erhéijen, fir virun allem déi Jonk ze discouragéieren, fir unzefänke mat fëmmen, wëssend, dass, wat ee méi fréi ufänkt mat fëmmen, wat ee méi laang dobäi bleift.

Dës gesot, géif ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun ginn. Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Hansen. An da wier et um honorablen Här Jeff Engelen. Här Engelen, wannechgelift!

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Ech géif, fir unzefänken, dem Reporter, dem Här Mars Di Bartolomeo, Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

#### (Interruption)

Net Reporter, Rapporteur, jo, pardon.

Et geet hei ëm den illegalen Tabakshandel um internationalen Niveau, fir deen anzëschränken. Flott wier et jo, wa mer et ganz ausgemerzt kriteen, mä ech mengen, dass ass eng Illusioun, mä et geet drëm, fir et anzëschränken.

An ech géif domadder am Numm vun eiser Fraktioun den Accord ginn zu dësem Projet. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. An dann huet d'Regierung d'Wuert, de Gesondheitsminister, den Här Etienne Schneider.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Étienne Schneider, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Merci och dem honorabele Rapporteur fir säi Rapport. Ech wëll just kuerz nach eng Kéier erwänen, dass mer jo, wat d'Fëmmen ugeet, hei zu Lëtzebuerg scho laang ënnerwee sinn, fir et anzëschränken, fir eis Biergerinnen a Bierger och vun der Zigarette ewechzëkréien. Do hu mer 2006 verbueden, dass op ëffentleche Plaze gefëmmt gëtt, dass a Spideeler gefëmmt gëtt, dass an Enceinte-scolairen an op villen anere Plaze gefëmmt gëtt. 2013 hu mer verbueden, an de Restaurants ze fëmmen, an de Caféen ze fëmmen, an den Discoen ze fëmmen. 2017 hu mer do verbueden, dass op de Spillplaze soll gefëmmt ginn oder op den Enceinte-sportiven.

A fir dem Här Graas ze äntwerten: Ech si leider a leschter Zäit relativ seele selwer op enger Enceinte sportive, an op enger Spillplaz nach manner oft unzetreffen, fir erauszefannen, ob dat do agehale gëtt oder net. Mä et ass natierlech eng Obligatioun vun der Police, fir dat doten ze kontrolléieren.

Mir hunn och deemools decidéiert, dass eben net méi dierf an Autoen, wéi Der richtig gesot hutt, wou Kanner ënner zielef Joer dra sinn, gefëmmt ginn. A mir hunn de legalen Alter, fir iwwerhaapt dierfen Zigaretten ze kafen, vu 16 op 18 Joer ugehuewen.

Dat weist, dass mer wierklech progressiv probéieren, d'Fëmmen anzëdämmen. An dofir war et fir eis natierlech och logesch, dass mir där heite Konventioun zoustëmmen an dass mer natierlech och deen illicitten Handel vun Zigaretten, vun Tabak, dass mer dee wellen ënnerbannen. Och wann et richtig ass, wéi de Rapporteur gesot huet, dass mir als Lëtzebuerger Land relativ wéineg - Gott sei Dank relativ wéineg - dovun concernéiert sinn, esou ass et awer e wichtegt Zeechen, dass mer dat dote maachen.

An ech wëll zum Schluss just nach drop hiweisen, dass deen Tracking and tracing, wou een op all Pak dee ganze Werdegang vun der Zigarette kann novollzéien a wou se hierkënnen, dass dat bei eis en place ass. Dat fonctionnéiert zënter dem 20. Mee dës Joer.

Dofir wëll ech och dem Finanzminister an der Douane Merci soe fir déi gutt Kollaboratioun, déi mer haten, fir dee Projet do ze realiséieren.

Merci villmools!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Gesondheitsminister Etienne Schneider. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7312. Den Text steet am Document parlementaire 7312<sup>4</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7312 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7312 ass mat 58 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7312 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM.





Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler (par Mme Diane Aehm) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

## 5. Débat de consultation sur la digitalisation du Luxembourg

Haut de Mëtteg féiert d'Chamber eng Consultatiounsdebatt iwwert d'Digitalisatioun vu Lëtzebuerg. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeloegt. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Viviane Reding, den Här Eugène Berger, d'Madamm Lydia Mutsch, den Här Marc Hansen, den Här Roy Reding, den Här David Wagner, d'Madamm Diane Aehm an den Här Marc Goergen.

Den Här Marc Hansen, delegéierte Minister fir Digitaliséierung, huet d'Wuert. Här Hansen, wannechgelift.

### Exposé

► **M. Marc Hansen, Ministre délégué à la Digitalisation.**- Här President, léif Memberen hei aus der Chamber, ech si frou, dass mer haut kënnen déi Debatt féieren, déi d'Regierung ugefrot huet, fir iwwert d'Digitaliséierung ze schwätzen. Ech mengen, d'Digitaliséierung ass e groussen Aktualitéits- an Zukunftssujet, deen e Land, eng Chamber an eng Regierung muss op hirer Agenda stoen hunn, fir sech den Erausforderungen, déi derzou gehéieren, och ze stellen.

Déi grouss Fro vläicht am Ufank, well et e ganz vast Thema ass: Iwwer wat schwätze mer iwwerhaupt, wa mer iwwert d'Digitaliséierung diskutéieren?

Wat d'Digitaliséierung ass, doriwwer ginn et näamlech ganz verschidde Meenungen, jee nodeem, mat wien een dobausse schwätzt. Zanterdeem ech mam Premier un der Spëtzt vun dësem Ministère stinn, deen et jo och eréischt zanter dem 5. Dezember hei am Land gëtt, hunn ech mat ville Leit hei am Land geschwat, wat fir si d'Digitaliséierung ass. Ech hunn an deenen éischte Méint vill Spezialiste consultéiert, an d'Vuen iwwert dat, wou mer an der Digitaliséierung dru sinn, wat mer onbedéngt maache sollen a wat wichteg ass, déi ginn an deem dote Beräich wäit ausserneen.

Vläicht op dëser Plaz, fir déi grouss a vast ënnerschiddlech Meenungen nach eng Kéier ze illustréieren, e puer Aussoen a Recommandatiounen, déi ech da vun de Leit mat op de Wee kritt hunn, wat dann en Digitalisatiounsministère ze maachen hätt oder wat si sech dorënner virstellen.

Do goufen et der, déi hunn zu mer gesot, dass et elo gutt wier, dass et en Digitalisatiounsministère géif ginn, „well da léieren d'Kanner endlech mat dem Word ëmzegoen an da kënnen se emol eng PowerPoint (veuillez lire : eng PowerPoint-Presentation) maachen“. Anerer, déi hu mer gesot, dass et héich Zäit géif ginn, fir d'Steiererklärung endlech voll digital kënnen ze maachen. Mat aneren, déi natierlech e bësse méi verséiert da sinn an deem dote Sujet, schwätze mer iwwer Dateschutz, iwwer Aarbechtsplazen, déi dowéinst a Gefor geroode kéinten. Mir schwätze mat Leit iwwert d'Intelligence artificielle, FinTech, Blockchain, Coursen, fir mat sengem Smartphone ëmzegoen, iwwer nei Appen, iwwer gutt Iddien, fir d'Prozesser an de Betriber méi digital ze maachen. Mir schwätzen am Moment mat Leit iwwer Formatioun an nach aner Sujeten, op déi ech elo net allegueren direkt am Ufank aginn.

An am Fong geholl ass deen doten Echantillon e gudden Deel vun der Digitalisatioun, mä se geet awer nach wäit doriwwer eraus. A well et dann och e Sujet ass, dee jiddweree beschäftegt, war et dann och eng vun deenen éischte Prioritéiten, déi de Ministère politesch geholl huet, fir mat lech, fir mat der Chamber iwwert dëse Sujet ze schwätzen, zemoos och, well ee grad bei de Budgetdiskussiounen de Rapporteur héieren huet, deen d'Digitalisatioun an d'Digitaliséierung och an de Mëttelpunkt vu sengen Diskussiounen gesat huet, an dee Moment e ganze Koup u Reflexiounen hei scho gemaach goufen an et natierlech derwäert ass, fir dat dann eng Kéier op dëser Plaz an esou enger Debatt ze diskutéieren.

D'Digitaliséierung ass da jo och näischt, wat et eréischt zanter dem 5.12., also zanter der Vereedegung vun der neier Regierung gëtt. D'Digitaliséierung gëtt et zanter Laangem. Si huet net eréischt elo ugefaangen. Mir kënnen se einfach net ophalen, si ass Deel vun eisem Alldag. An et huet näischt domadder ze dinn, ob mer en neie Ministère grënnen oder net.

An dem Virfeld vun dëser Diskussioun hunn ech lech och dowéinst en Dokument zoukomme gelooss, wat e bëssen den Istzoustand beschreift, wou gekuckt gëtt, wou Lëtzebuerg steet, en Dokument, wou vläicht de Point gemaach gëtt, wat fir eng Initiativen et hei am Land vun deene verschiddensten Akteure gëtt.

Ech wëll elo net nach eng Kéier am Detail op dat Dokument agoen, wat Der jo allegueren gekuckt hutt, mä awer vläicht e puer Informatiounen erausgepickt, wéi mer am internationale Verglach dostinn.

Ee vun de groussen Indexen, déi an deem Kontext ëmmer genannt ginn, fir sech mam Ausland ze vergläichen, ass den DESI-Index, den Digital Economy and Society Index, dee viru Kuerzem och an der Versioun 2019 nei erauskoum.

Lëtzebuerg steet an deem Rapport dëst Joer op der sechster Plaz, war virdrun op der fënnefter Plaz. Vläicht e puer Stärken erausgegraff, wou mer ganz gutt dostinn.

Mir sinn déi Zweet an der Konnektivitéit vun de Leit a vun de Betriber, « particulièrement performant en ce qui concerne l'adoption du haut débit fixe et mobile ». Mir sinn déi Drëtt, wat de Capital humain ugeet, also en héijen Niveau, wat d'Compétence numérique ugeet. Mir sinn déi Sechst am Ëmgang mam Internet an do sti mer wäit iwwert der EU-Moyenne.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

Wou mer vläicht net esou gutt sinn, dat ass an de Beräicher vun der Integratioun vun den digitalen Technologien, dat heescht, dass d'Betriber zu Lëtzebuerg ënnert der EU-Moyenne leien. A mir sinn déi 17. och an dem eGovernment, dat heescht an deem, wat alles vun Stat oder der éffentlecher Hand proposéiert gëtt, fir de Kontakt tëschent dem Stat, de Betriber an de Bierger op digitale Wee ze maachen.

En aneren Index, fir deen nach eng Kéier kuerz ze zitieren, dat ass de Women in Digital Index 2019. Do steet Lëtzebuerg op där drëfter Plaz an Europa. Mir sinn an deem Kontext, wat d'Gebrauche vum Internet ugeet, ganz staark, an och an deem, wat d'digital Kompetenz vun de Leit hei am Land ugeet, sti mer an deem Index op der éischter Plaz.

Et gëtt dann nach een Index, den ICT Development Index, dee vun der International Telecommunication Union iwwert de Secteur vun den TICe gemaach gëtt. Lëtzebuerg läit do och net schlecht. An da gëtt et och nach de Global Connectivity Index, wat d'Investissementen ugeet an d'Infrastrukturen. Do ginn 79 Länner an hirer Performance gemess. Mir sinn op der sechster Plaz an der EU an op der 13. Plaz an der Welt. A mir kréie gesot, dass mer op eng ganz intelligent Aart a Weis, op eng innovatrice Aart a Weis op deem dote Beräich geschafft hätten.

Et wëllt nieft den Zuelen an den Dokumenter, déi Der matgedeelt kritt hutt, awer och nach d'Strategie vun der Data-Driven Economy eng Kéier ernimmen an d'Roadmap a Saachen Intelligence artificielle, déi vun dem Premierminister an dem Wirtschaftsminister viru Kuerzem presentéiert goufen a wou och gewise gëtt, a wat fir eng Richtung mer an der Digitaliséierung an deenen nächste Jore sollte goen.

All dës Indexen, Strategien an Dokumenter soen nach laang net alles aus. Et kann ee vill draus liesen. Et gi ganz positiv Punkten, mä et gëtt natierlech och plazeweis nach Loft no uewen. A genee do muss mer usetzen.

Wat sinn elo vläicht déi grouss Missiounen, déi den Digitalisatiounsministère an doriwwer eraus mir am Land eis sollten huelen, och als Politik, fir dorunner ze schaffen?

Elo kéint ee sech natierlech op dëser Plaz erwaarden, dass ech als Éischt géif iwwer eis

nei technologesch Entwécklungen schwätzen, déi mer amgaange sinn ze entwéckelen. Mä dat ass awer net mäin éischten an och net mäin wichtigste Punkt an och net déi éischt Mission, déi mer an deem neie Ministère hunn. Et ass näamlech kee Ministère, dee voller Tech-Freaks ass an deen an éischter Linn soll fir aner Tech-Freaks do sinn. Déi allegueren ginn an deem dote Beräich ganz gutt eens an déi brauchen eis net onbedéngt.

Et ass an éischter Linn eis Aufgab an och déi vum neie Ministère, fir ze kucken, dass grad all déi Leit, déi net esou gutt eens gi mat der Digitaliséierung, fir dass mer no deene kucken.

Mir müssen och déi Leit, déi e puer Problemer an deem Beräich hunn, mat an dat digitale Boot kréien. An dofir ass och d'Inclusion numérique eppes, wat mir ganz wichteg ass, a mir mussen kucken, fir Konzepter ze entwéckelen, fir deene Leit entgéintzekommen, déi eben net esou gutt eens ginn.

Ganz dacks gëtt an deem Beräich gesot, dass dat déi eeler Leit wieren. Ech sinn awer kee Frënd, fir dat doten no Alteren opzedeele, well et gëtt der an alle Beräicher. Et gëtt net nëmmen Eelerer, déi net gutt domadder eens ginn, et gëtt se an alle Beräicher, och bei deene Jonken a bei deenen, déi esou an deenen Zweschekategorië leien.

An et ass net, dass een dat nom Alter soll kucken, mä einfach all déi Leit, déi an iergendengem Kontext do e Problem hunn, no deene solle mer kucken. Well dat digitale, dat dierf weder just enger elitärer Klass virbehale sinn nach den Altersgruppen, déi vläicht am konnëteierste sinn. An et kënnt heiansdo net op ganz vill un. Et muss ee just heiansdo gewise kréien, wéi Saache fonctionnéieren, an da kann een et.

Ech kann och mech als Digitalminister dann einfach zitieren. Ech ginn och net ëmmer mat allen neien Technologien eens. An do ginn ech da ganz einfach ganz dacks bei meng Meedercher, 15 a 17 Joer al, an déi kënnen mer meeschtens ganz vill virweisen, an déi sinn op Zack. An dat geet bei deene ganz dacks intuitiv. A wann et da fäerdeg ass, hunn ech et dann och verstanen. An da brauch et och meeschtens net vill an heiansdo awer och nach méi vill, fir mir dat ze erklären. Mä da klappt et awer.

► **Une voix.**- Aacht Deeg.

► **M. Marc Hansen, Ministre délégué à la Digitalisation.**- Aacht Deeg, dann ass et erëm vergiess, seet en.

E gutt Beispill vläicht, fir dat Ganzt och ze illustréieren, wéi mer kënnen do virgoen. Ech hunn als Minister vun der Fonction publique och d'Tutelle vum INAP, dem Institut also, dee sech ëm d'Formation initiale an och ëm d'Formation duerch d'ganz Carrière vun de Statsbeamte bekëmmert. Do hu mer dann dee sougenannten europäeschen Internetführerschäin, deen elo net esou nei ass, mä deen hu mer gekoppelt un e sougenannten „Adaptive Learning Tool“. Dat heescht, fir et einfach duerzestellen, Dir maacht en Onlinetest, wat Är Kompetenzen ugeet am digitale Beräich. Do, wou Der net esou staark sidd, kritt Der direkt eng Formation ugebueden, déi kënnt Der och eventuell online maachen, an da kritt Der déi Kompetenze bäibruecht, déi Der am Moment nach net hutt, fir déi weiderzëntwéckelen.

Dat si Programmer, déi mer queesch duerch d'Gesellschaft mussen proposéieren, fir d'Leit do ofzehuelen, wou se grad sinn, a se dann och matzehuelen op där digitaler Rees. Well eppes, wou Der mat jiddwerengem eens sidd, wann Der iwwert d'Digitaliséierung schwätzt: U sech fënnt jiddweree hei am Land d'Digitaliséierung gutt. Jiddweree fënnt et iergendwéi trendy. Jiddweree wëllt en Deel vun der Digitaliséierung sinn. Mä et ass net esou einfach fir jiddweree, fir da matzekommen. An dat ass, mengen ech, eng vun deene wichtigste Missionen.

D'Erausforderung besteet doranner, aus dem Digitalen eng Opportunitéit fir jiddweree ze maachen. An dofir muss e ganz wichteg Leitmotiv sinn, dass mer d'Digitaliséierung net wéinst der Digitaliséierung u sech maachen, net fir duerno soen ze kënnen: „Wow, elo hu mer dat digitaliséiert!“, mä de Mënsch muss am Mëttelpunkt stoen an d'Digitaliséierung a sengem Dëngscht, fir erëm viles méi einfach ze maachen. Nëmme da kann et klappen.

Eng zweet wichteg Erausforderung, déi ech eng Kéier hei wëllt uräissen: Mir müssen de Kontakt, deen de Bierger an d'Betriber mat dem Stat hunn, nach weider digitaliséieren, den eGovernment weiderdreien, schonn eleng och, well ech d'ënescht déi Positiounen ernimmt hunn an deene verschiddenen Indexen, wou mer do nach Loft no uewen hunn.

D'Demarché sollen am beschte Fall och ganz elektronesch méiglech sinn. Et soll net iergendwou matzendran an enger digitaler Prozedur

nach eng Etapp sinn, wou een en Dokument eng Kéier muss erausprinten, fir et ze ënnerschreiwen, fir et dann duerno erëm anzescannen. Esou soll d'Zukunft net ausgesinn. Et muss schonn eng ganz digital Prozedur sinn, well déi eng, déi ass nëmmen esou hallefhäerzeg gemaach, an do hu mer och nach e ganze Koup un Efforten an alle Beräicher ze maachen.

Dréikräizer, déi mer an deem dote Kontext hunn an dem Kontakt mat de Bierger a mat de Betriber, sinn hei zu Lëtzebuerg de Guichet.lu an de MyGuichet.lu. E puer Zuelen och vläicht dozou an déi heiten Debatt.

De Guichet, dat ass jo de Portail, do sinn 1.500 Demarché beschriwwen, an dovun sinn der 100 fir Privatleit schonn digital méiglech a ronn 150 fir Betriber.

E puer Zuelen, déi ech elo viru Kuerzem virgestallt hu vun de Visiteurs uniques. Am Juni 2018 hat de Guichet.lu zum Beispill ronn 187.000 Visiteur-uniques. Am Mäerz vun dësem Joer ware mer scho bei 380.500. Dat heescht, do mierkt een och ganz kloer, dass d'Zuel vun deene Leit, déi eis Portaille benotzen, an d'Luucht geet. Een Dag erausgepickt, dat ass an dësem Fall den 11. Februar 2019, Zoufallsprodukt, dat huet elo keng besonnesch Bedeitung, deen Dag ware ronn 25.800 Visiteurs uniques, déi de Guichet.lu hei eng Kéier benotzt hunn.

Ee Wuert och iwwert de MyGuichet.lu, dat heescht d'Plattform, wou all Bierger oder Betrib säin Espace personnel kann hunn a kreéieren, fir seng Demarchen eben ofzewéckelen. D'Unzuel vun den Demarchen, déi e Bierger oder e Betrib dem Stat iwwermëttelt huet, déi louchen 2014 bei ronn 21.000, 2018 waren et ronn 393.000 där Demarchen. An dëst Joer am Juni hu mer schonn eng Progressioun vu 75 % par rapport zu Juni 2018. Do leie mer elo schonn am Juni dëst Joer bei 236.000 där Demarchen. Dat heescht, et mierkt een, dass, wann d'Offer do ass, natierlech d'Leit och dovunner profitéieren.

Et gëtt och gradesou eng grouss Progressioun bei den Espacen, déi d'Leit oder d'Betriber dann och kreéieren. Säit dem 1. Januar 2019 hu schonn dëst Joer 22.900 Privatleit hiren Espace kreéiert a 5.900 Betriber. Domadder hunn am Moment am Ganze ronn 165.600 Privatleit esou en Espace. An do koumen der awer, wéi gesot, 2019 22.900 bäi. Bei de Betriber sinn et 30.000 Betriber, déi eben een hunn. An do sinn et der 5.900 eben, déi dëst Joer ee kreéiert hunn.

Vläicht och eng Kéier den Top 5 vun deenen Demarchen, déi d'Privatleit ebe benotzen zanter dem 1. Januar 2019.

Op der éischter Plaz bei de Privatleit d'Steiererklärung.

Zweet Plaz ass et, wann d'Leit e Casier ufroen.

Déi drëtt Plaz ass dëst Joer eben d'Europawahl gewiescht.

Da goufen et déi Leit, déi ... Op der véierter Plaz sinn et d'Demarchen, déi Leit, déi eng Plaque ufroe fir op d'Autoen,

an d'Studenten, déi kommen op der fënnefter Plaz, fir eng Bourse unzefroen.

Bei de Betriber op der éischter Plaz den Depot vun den Extraits de compte salaire oder d'Pensiounen.

Dann och d'Steiererklärung fir d'Kollektivitéiten, dat ass déi zweet Plaz. An dat geet dann och esou virun.

Dëst Joer op der fënnefter Plaz mat derbäi eben och d'Kommunikatioun vun de Kandidaten, wat d'Sozialwahlen ugeet. Dat ass natierlech eppes, wat et just dëst Joer gouf.

E puer nei Fonctionnalitésen och eng Kéier virgestallt, déi mer an deene leschte Méint entwéckelt hunn an och op nei Administratiounen ausgedeeent hunn:

den eTracking, fir dass Der als Bierger oder als Betrib kënnt gesinn, wou Är Demande drun ass, vu wien se beschafft gëtt. Dat ass eppes, wat fir d'Transparenzgrënn relativ wichteg ass, fir dass jiddweree och weess: Wou ass meng Demande eben drun?

Mir hunn eppes Neies probéiert an de leschte Méint, dat ass, wann Der e Rendez-vous frot fir den Examen-concours, do kënnt Der elo, wéi wann Der op Sandweiler gitt, op esou engem Tool froen, fir de Rendez-vous no Are Besoinen kënnen anzusetzen.

Den Digicash gëtt et scho beim Stat eng Zäiten op de Rechnungen, déi Der heemgeschéckt kritt. Dat gëtt et elo zanter Kuerzem och um Schiirm, dat heescht, dat kënnt Der digital dann och direkt doranner scannen, dat muss dann net nach eng Kéier erausgedréckt ginn.

A mir hunn eng GouvCheck-App entwéckelt, déi mer grad testen op de Certificat-de-résidences, déi d'Gemengen ausstellen. Wéi